GEMENG
JONGLËNSTER

Jonglënster, den 06. Februar 2024

# 1. Reunioun – Rapport

## 1) Présences

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |

## 2) Begréissung

- Begréissung duerch [redacted] an ee Merci fir d'Engagement vu jidderengem eenzelen deen sech fir an d'Kommissioun gemellt huet
- Eenzel Presentatioun vun de verschiddene Memberen (Alter, Hobby, Zäit an der Gemeng, etc.)

## 3) Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch [redacted]
- Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour
- Ajout de points divers
- Präsentatioun vum „Règlement interne"
- Präsentatioun vum Schäffe Gilles Baum
- Oppen Diskussioun a Festhale vum Rahmeprogramm

## 4) Ajout de points divers

- Nuit du Sport

## 5) Präsentatioun vum „Règlement interne"

- Jidee Member aus der Kommissioun huet dës Dokumenter per Post heemgeschéckt kritt

- Esou gouf op déi wichtegst Eckpunkte vum Luisa nach eemol higewisen an déi néideg Erklärunge ginn

**6) <u>Präsentatioun vum Schäffe Gilles Baum</u>**

- De Gilles Baum ass als Schäffe vun der Gemeng ënnert anerem zoustänneg fir d'Kompetenze Sport a Jugend. Doduerch huet hien an der éischter Kommissiounssëtzung mat deel geholl an eis d'Schwéierpunkten an d'Prioritéite vun der Gemeng fir 2023 – 2029 erkläert.
- Esou wäert an der Gemeng keng nei Sportshal „eleng" entstoen. Et wäert am Kader vum neie Schoulcampus an der Buerg eng Sportshal mat an dëse Projet integréiert ginn.
- Et ass eng Prioritéit ee Jugendgemengerot an d'Liewen ze ruffen. Hei soll verstäerkt mam Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) zesumme geschafft ginn. Si hunn hei déi néideg Erfarunge mat anere Gemeng, geschoulte Personal, déi richteg Materialien an alleguerte Ressourcen déi een hei brauch.
- Esou wëll de Schäfferot och de Kontakt mat deene Jonke verbesseren a verstäerken. Esou soll ee reegelméisseg Kontakt an Austausch bestoen
- D'Jugendhaus funktionéiert de Moment ganz gutt a gëtt vu ville Jonke besicht, eng 40 – 50 Jonker de Mount. Esou ginn och vill Synergie zesumme mam Lënster Lycée erstallt. De Moment ass net virgesinn, d'Plaz vum Jugendhaus ze änneren. Dëst wéinst dem positive Feedback vum Bedreiwer an deene Jonken déi reegelméisseg do sinn an u Projeten deel huelen.
- D'Gemeng well eng Konventioun mat „LateNight Bus asbl" zesummen ënnerschreiwen. Esou wäerten eis Dierfer bescht méiglech ugebonne gi fir op Baler wéi de Bréisseler Bal, Zürecher Bal, etc.
- All Jonke soll an der Gemeng wäertgeschätzt ginn. Esou soll jiddereen eng „Belounung" kréie fir DAP, Gesellen a Meeschterbréif, Première, etc.
- De Club des Jeunes zu Lënster soll relancéiert ginn. Eventuell konnt 2025 eng Lokalitéit fräi ginn.
- D'Subside soll weiderhi gepréift ginn. Esou sollen dës um sportleche Plang ugepasst ginn an och Veräiner déi vill fir d'Jugend maache sollen dëst honoréiert kréien.
- E Pumptrack fir Mountainbikes an der Planung mam Lënster Lycée
- D'Pétanquepiste zu Jonglënster wäert iwwerdaacht ginn
- D'Spillplazen an der Gemeng wäerten iwwerkuckt ginn. Esou zum Beispill ewéi zu Guedber.
- D'Wanderweeër an der Gemeng wäerte weiderhi gepfleegt an ënnerhale ginn, dëst gëllt och fir d'Mountainbikesweeër
- Esou soll och de Velosréseau an der ganzer Gemeng wieder ausgebaut ginn
- Sportleréierung soll op de Leescht geholl ginn. Dëst soll an Zesummenaarbecht mat der Kommissioun entstoen. Dës soll sech hei Gedanke maachen an Iddien an/oder een neit Konzept ausschaffen
- Lënster Studyroom soll weiderhi gepréift ginn, wou een dëse ka realiséieren. Dëst kann een nieft dem Léieren och fir de lokalen Télétravail benotzen.
- D'Spillplaz „Op der Diert" zu Lënster muss gepréift ginn. Hei ginn et Probleemer mam Waasser.

- Esou solle sougenannten „Fontaine d'eau" op de Spillplazen installéiert ginn
- Spillplaz an der Buerg soll Beliichtung mat Beweegungsmelder ausgestatt ginn

## 7) <u>Nuit du Sport</u>

- D'Nuit du Sport fënnt dëst Joer déi drëtter Kéier bei eis an der Gemeng statt. Dat den 8. Juni 2024 ab 16 Auer an der Sportshal „Op Fréinen" zu Lënster.
- Eng éischt Sëtzung huet am Viraus op der Gemeng mam [redacted] statt fonnt.
- Nei dëst Joer ass, d'ass vun all Veräin een eng Hand mat soll upaken. Esou wäert de Verdeelungsschlëssel och ugepasst ginn.
- D'Gemeng këmmert sech em den Akaf vun de Gedrénks an Iesswuere fir d'Veräiner
- D'lescht Joer huet et ee Pfandprobleem ginn. Esou wäerte mir dëst Joer ee Jetonssystem wéi um Chrëschtmaart an der Stad aféieren.
- Déi méi kleng Kanner soll eng Zort „Bong" agefouert ginn. Am Owend wäert dann eng Verlousung mat Präisser stattfanne. Esou bleiwen d'Erwuessen an och hier Kanner eventuell e bësselche méi laang
- Nei dëst Joer soll „Lënster Gutt Drop" matagebonne ginn
- Nomëttes soll eventuell ee Seefekëschtecourse stattfannen. D'Iddi hei och fréizäiteg méi Leit op de Site ze kréien. D'Organisateure vun Déifferdeng géifen och an eis Reunioun komme fir dat ganzt firzestellen. Hei war de Wee fir op de Fussballsterrain ugeduecht.
- Den Hiefenecher Basket huet gefrot fir bei eis dierfe matzemaachen. Et ass esou dass mir kee Basket hunn an dëst dowéinst akzeptéiert ass
- Sprangschlass
    - Matte beim Sprangschlass
    - Een zweet Sprangschlass + zwee Stéck RCM + Muller Pneu
    - Schëld mat der Responsabilitéit + Alterslimitte + Persoun vun eis
- Open à Jugendgrupp eventuell kontaktéieren
- Alleguerten d'Sportsveräiner si per Mail vun der Gemeng kontaktéiert ginn. Et wäert ee Rappel gemaach gi fir déi di sech nach net kuerz bis virun der Versammlung weder of nach ugemellt hunn.
- Eng éischt Informatiounsversammlung fir d'Veräiner wäert Méindes de 4.Mäerz am Centre Culturel statt fannen. De [redacted] wäert fir d'Versammlung eng Grille preparéiere fir dass mir d'Veräiner kënne opdeelen.
- Reunioun Méindes 4.Mäerz 1.Infosversammlung fir Veräiner
- Follgend Saache sollen op der Versammlung geschwat ginn:
    - D'Veräiner froe wéi vill Plaz si iwwerhaapt nach hu fir Memberen opzehuelen
        - wéi kloteren, Gutt Drop, Tennis, etc.
        - Iddi vun der Nuit du Sport ass ënnert anerem fir d'Leit op de Sport ze sensibiliséieren a nei Memberen ze fannen
- Gëtt et een Trainer Probleem à Benevolataarbecht ?
    - Wéi kann ee lokal Jonker am Veräin „bei der Staang" halen, fir se ze fideliséieren Beispill vum Fussball, Scouten, Dësch-Tennis, etc.
    - Eventuell deene Jonken eng Trainerlizenz erméiglechen, eventuell d'Veräiner hei iwwert de Subsideschlëssel ënnerstëtzen
    - Geneeë Programm mat den Auerzäite festhalen

- Schachclub froen op de Palier an der Sportshal okee fir si ass
- Fussball froen op Jongléieren + Torwand schiessen okee fir si ass
- Bong: D'Iddi ass dass jiddereen eppes Klenges kritt + Verlousung fir 3 extra Plazen
- Verdeelungsschlëssel : 1 Part pro Saach / 2 Parte wann ee Catering + Aktivitéite mëscht

## 8) Oppen Diskussioun

Sportleréirung

- Datum: 24 Oktober 2024
  - De [redacted] wäert de Sall reservéieren
- Gedanke maache fir dat ganzt ëmgestalten, eventuell een neit Konzept
- Hei ka jiddereen sech Elementer iwwerleeë fir dass mir dono ee klore Plang dem Schäfferot kënne präsentéieren

## 9) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 04.03.2024 | 19:00 | Centre Culturel | 1.Infosversammlung fir d'Nuit du Sports |
| 13.03.2024 | 19:30 | Centre Polyalent | Kommissounssëtzung |
| 14.04.2024 | 20:00 | Centre Culturel | 2.Infosversammlung fir d'Nuit du Sports |
| 08.06.2024 | 16:00 | Op Fréinen | Nuit du Sport |

## 10) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | |